LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Logement

**Äntwert vum Wunnengsbauminister op déi parlamentaresch Fro n°7235 vum 24. November 2022 vum Här Deputéierte Sven Clement betreffend den « fichier excel du Ministère du Logement concernant le bail à loyer ».**

Den Deputéierte freet, ob den Excel-Fichier, dee fir d'Berechnung vum Mietpräisdeckel um Site www.logement.lu publizéiert gouf, vun enger externer Consultingfirma opgestallt ginn ass a wéi vill Honoraire dofir verrechent goufen.

Déi genannte Firma war am Ausschaffe vun dësem Excel-Fichier net implizéiert a gouf dofir och net bezuelt.

De Fichier staamt ursprénglech aus engem Optrag un déi genannte Firma aus dem Joer 2019. Deemools hat de Ministère eng Broschür ausgeschafft mat Erklärungen zum bestoende Mietpräisdeckel nom Gesetz vum 21 September 2006 betreffend dem „bail à usage d'habitation“. Dozou gehéiert och en Excel-Fichier fir de Plaffong nozerechnen, deen zënter Juli 2020 um Site www.logement.lu zesumme mat der Broschür ze fannen ass. Béid Publikatiounen hëllefen dem Benotzer duerch déi verschidden Etappe vun der Berechnung vum investéierte Kapital.

Lëtzebuerg, den 23/12/2022.
De Wunnengsbauminister.
(s.) Henri Kox

4, place de l'Europe
L-1499 Luxembourg

Adresse postale :
L-2916 Luxembourg

Tél. (+352) 247-84819
Fax (+352) 247-84840

www.gouvernement.lu/mlog
www.logement.lu